

## SUDOKU, Rätselen an EISES?

vum Lex Roth


Näischt géint näischt, an et ass gutt, datt och eis Press hire Lieser d'Geleeënheet gëtt, sech mam SUDOKU eng 'Knobel-Freed' ze maachen. Dat Zuelespill huet jo bestëmmt näischt mat eiser Sprooch ze dinn. Mä deen **äiskalen Zuelesport** kann ee bis op Gedanken iwwer d'Sprooch bréngen. Sprooch ass ëmmerhin eng Saach vu Kommunikatioun, deemno vu Mateneen an Ënnereneen tëscht Mënschen. Dat gëllt och fir eis Sprooch!

Et gëtt gesot, dat Zuelejongléiere wier gutt fir de Käppchen. Stëmmt, well d'Gehier jo schaffen gedinn an doduerch gutt duerchblutt gëtt, wat bei stonnelaangem TV-Glotze vu Brutalitéit an Nullitéit ganz klor net de Fall ass. Mat Gefill huet SUDOKU näischt op sech, bréngt keng Diskussioun un d'Rullen, keng Fro, keng Äntwert, kee Gespréich. Dat Zuelegemierwels léisst keng Meenung zou, keng perséinlech a kengem aner seng. Do ass e **'Kreuzworträtsel' scho vill méi mënschlech, esouguer méi 'waarm'**: Et muss ee sichen an esouguer vläicht emol e Buch fir d'Léisung an de Grapp huelen; et gëtt ee 'Saache' gewuer, vun deenen een näischt gewosst, ni driwwer geschwat an sech mat kengem driwwer ënnerhalen huet. Déi 'Wiederkräizrätselen' hunn ewell muncherengem e Stéck Allgemengbildung bruecht, oder en Intresse fir eppes, dat engem net bekannt oder egal war. Da sief jidderengem seng Meenung iwwer SUDOKU a Wuert-Rätselen iwwerlooss...

Et gëtt och nach aner Formen, fir sech de Käppchen e bëssen ze zerbréchen. Eng dovun ass ganz sécher **eist Sproochrätselbuch EISES**. An deem hu mir Dausende vu lëtzebuergesche Wieder an Ausdréck gesammelt, wou een dann déi däitsch oder franséisch Bedeutung soll erausfannen an niewendrun opschreiwe kann. Ganz vill haten der gemengt, dat wier dach einfach... bis si mat 'aha an oho' gemierkt hunn, datt eis Sprooch ower net nëmme grad e platte 'Bauerendialekt' ass. Vrun allem mierke mir hei, datt Lëtzebuergesch net einfach däitsch ass (oder ëmgedréint). Wien sech och nach un déi franséisch Bedeutung gëtt, dee kënnt dacks aus dem Verwonneren net eraus!



(PHOTO: TEDDY JAANS)



«EISES... 100% – 90% – 80%» ass zwar alfabéitesch an d'Rei gesat, mä et ass ganz bewusst keen Dictionnaire, mä e sougenannt 'Aarbechtsbuch', mat deem ee sech stéckerchesweis kann ofginn, et fir eng Zäit op d'Säit leeën an et erëm just senger Gloscht no erbäi huelen. Vläicht mierkt een sech och e puer kniwweleg Froen, déi bei Frënn oder an enger Gesellschaft fir interessant Gespréicher kënne suergen, z.B.: «Weess du da wat 'Blatz/Pujell/Éierchen/gierksen/poteren/éimeg/tierkeleg/broseleg...» am Däitschen heescht? An am Franséischen? Souguer an enger Schouklass loosse sech domat interessant Stonne maachen... vläicht och munnech aner Meenung iwwer eis Sprooch.

Wat et kascht? Vergläicht emol mam Präiss vun enger Spaghetti, enger Pizza,

enger halwer Portioun Mullen... Dir kritt et a jidder éierbarem Bicherbuttek; natierlech och op enger vun eisen Adressen. Hei (nach eng Kéier) eng Photo dovun. Ze iwwersinn ass et bestëmmt net!

## eis Schreifweis / Orthographie

Et kënnt ganz klor net a Fro, datt jidderee vun äis un dee 'règlement grand-ducal' vun 1999 kniwwele geet, deen d'Schreif-Regele fir d'Lëtzebuergesch festgeluecht huet. Dat giff eng Zort Chaos, deen et z.B. total onméiglech giff maachen, en elektronesch Korrekturprogramm fir eis Sprooch op d'Been ze kréien.

Fir doru fréckelen ze goen, ass nëmme déi Commissioun kompetent, déi de Fong vum Orthographie-Règlement geschaf huet: de Conseil (national) pour la langue luxembourgeoise (CPLL)! Et kann ee sech virstellen, datt dee Conseil sech vläicht nach eng Kéier mat deenen **3 'e' beieneen am selwechte Wuert** ausernee setzt: Geleeënheet, Jeeër asw... dat ass ewéi 'Ham an der Mëllech' gekacht; 'Geleeënheet' kann ee jo guer net anescht liese wéi mat langem 'e', deen duerch deen zweete mam Trema drop 'erofrutscht'!

Méckepéilerei mussen guer net sinn; fir d'Akzèpanz sinn se einfach schlecht... a licht eraus ze dixe. Ower wéi gesot: vun deer Autoritéit, déi gesetzlech dofir do ass! E bësse fir am selwechte Sënn am Däitschen nozedenken: wat haalt dir vu *beenden, ausgefuer, geehrt, beinhalten, eingeigelt?*... mä do seet keen eppes! ■ L.R.

## Ceterum censeo... (18)

Mir wëssen nëmme ze gutt, datt et an der Politik eng Taktik gëtt, fir déi ee keng «Sciences po» brauch gemaach ze hunn: Wann e Problem kriddeleg oder ganz einfach 'lästeg' gëtt, da kritt eng 'Commissioun' en... do gëtt déi Knätzel e bëssen diskutéiert... **bis datt déi Kniwwelerei entschlof ass**. Et wëllt ee jo schléisslech kee Sträit kréien, gelldir; a wann d'Saach bis seriös an de 'Plenum' bruecht gëtt, da missten der emol hirt Gesiicht weisen... mä ass et dat wert? Et ass... zënter dem 10. Oktober 1941!

A 17 Méint gi mir wielen. Et bleift äis Zäit genuch, fir op eng fein oder zimlech méi ongemelleg Fassong iwwer eis Sprooch an der Constitutioun ganz aner Säiten opzezeien. Dann zécke mir natierlech och net, de 'Coco mam Reider' ze nennen. Mir sinn iwwerzeegt, datt z.B. all patriotesch Organisatiounen an eng Rëtsch anerer op engem grouse 'Meeting' oder bei enger referendärer Actioun matmaachen... wou och d'Parteien dru kommen, fir hir Iwwerzeugung klor ze soen. Eng 'E-mail'-Actioun? Kee Problem. Mir ginn äis net! ■ AL

## an d'Wieder?

Dir kennt jo de **gratis Witz beim schlechte Wieder**: Besser dees schlechte wéi guer keent. Stëmmt. Mä eng aner lëschtég Bemierkung: Wieder ass et nach ëmmer ginn, an et guff nach ni méi iwwer eppes geschwat wéi iwwer d'Wieder... apaart vu Leit, déi et doriwir eraus schwéier hunn, en normaalt Gespréich ze féieren. Dat bréngt natierlech och mat sech, datt eis Sprooch e ganze Koup spezifesch Ausdréck rondrëm d'Wieder huet. Leider ginn der e sëllegen duerch TV-Däitsch ermëlzt. 'Der Himmel ist/bleibt bedeckt' féiert bei déi bedauerlech däitsch Ausdréckswies 'den Himmel ass bedeckt'... aplaz **d'Luucht ass/geet zou**. Klor: dat rappt kengem e Been aus. Ower et knéckt muttwëlles e léiwien an esouguer zimlech poeteschen Ausdréck an eiser Sprooch. Jiddereen däerf sech d'Fro stellen, ob dat néideg ass. Et sief dann, et ass engem (wéi vläicht villes) egal. ■ P.W.

## keng nei Wieder?

Mir hu jo ewell dacks hei iwwer eis Sprooch an nei Wieder geschwat... a wäerten dat och weider maachen. Jidderee weess, datt z.B. **Kanner an all Haus fir déi onméiglechst Saachen nei Ausdréck** fannen, déi dacks laang an der Famill erhalte bleiwen. Si kommen an d'Schoul, kucke (leider zevill) Télévisioun, an huelen dann dat 'bessert' (meescht däitsch) Wuert.

Et gëtt ower och Ausdréck, déi spontan entstanne sinn, an déi hunn sech duerchgesat. Wéi et no an no de Brauch ginn ass, fir emol op d'belsch Plage oder méi spët esouguer un d'Mëttelmier an d'Vekanz ze goen, do si vill Leit mat grouse roude Flaatsche vu 'verbrannter' Haut heemkomm. D'Schold war net d'Sonn, mä en Déier, dat si am Mier erwëscht hat. Dat war keng 'Quall' an och keng 'méduse', mä e glétschege... Jelliskapp! Den Ausdréck ass bliwwen; hie gëtt vu jidderengem verstan... mä net onbedéngt vun engem, deen eis Sprooch net kennt... den engleschen Numm? 'Jelly-fish'! Et ass e ganz interessant Beispill fir Sprooch-Kreativitéit, déi leider ze dacks duerch déi bekannt Ursachen erdëmmelt gëtt. A propos: Wat heescht 'erdëmmelen', a wéivill Ausdréck hu mir nach fir dee Begrëff? ■ M.V.

## en Angebot?

Mir kënnen natierlech engem eppes 'ubidden', ower doraus muss nach laang keen 'Angebot' gemaach ginn. Dat ass am normale Lëtzebuergeschen nach ëmmer eng 'Offert'... déi zwar mam Franséischen ze dinn huet, mä do gëtt et keng 'Offerte', dat ass eng 'offre'! D'Offert ass deemno deer typesch lëtzebuergescher Verdréinungen eng, esou wéi z.B. e 'Stong (jeton)'. Déi Iwwerleeung gehéiert an deeselwechte Streech wéi aner franséisch Wieder, fir déi soss ni däitsch gefierter a Fro komm sinn: eng Invitatioun/invitéieren (*aplaz alueden*), eng Demande (an net op eemol 'e Gesuch'), kamoud *aplaz bequem*.

Et freet een sech ower vläicht mat Recht, firwat mir dann deer franséischer Ausdréck *aplaz* däitscher huele sollen. D'Äntwert ass ganz klor: Mir si leider amgang d'Gläichgewicht tëscht de romaneschen a germanesche Wieder an eiser Sprooch ze tippen. Et gëtt dofir nëmme eng Ursach: déi Dosenden däitschsproocheg TV-Programmen! An, éierlech, watfir eng Sprooch 'kucke' mir am meeschten? Da brauche mir jo net laang sichen ze goen, wou deen iwwerméissegen – an d'meescht absolutt iwwerflësseg – Hank hier kënnt. ■ H.M.

## firwat rutschen?

Stellt iech vir, e Fransous giff iech froen, 'si vous avez bien glissé dans l'année nouvelle'. Dann hätt hien och just dee blöde 'gudde Rutsch' aus dem Däitschen nogeaaft. Firwat soll een dann an d'Neit Joer *rutschen*? En Englänner oder Amerikaner freet och keen, ob hien 'a good glide/slide' gehat hätt, just well dee koppegen Ausdréck sech am Däitsche festgefriess huet. Mir fänken e Joer un; mir rutschen net dran. Mir feieren den Ufank vläicht mat engem genëssegem lessen an enger méi feierlecher Schlippi. Alles dat huet näischt mat Rutscherei ze dinn, et sief dann et war glat dobaussen. Ganz flott wier et jo, wann ee geng soen, et wier ee gutt 'eragedantz'; oder et hätt een et einfach 'gutt ugefaang'. ■ H.V.